# D'GAMELLE 2012



Foto vum RaRo Camp

**E Bliedchen vun de Luerenzweiler Guiden a Scouten**

## Redaktiounsuschrëft

**GAMELLE**
20, op der Renk
L-8609 Bettborn
GSM: 661 79 11 15
e-mail: gamelle@lgslorentzweiler.lu

## Chefredakter




## Redaktioun

Biber
Wëllefcher
Avex
Carapio
Raro
Cheffen vu sämtlechen Branchen

## Oplo

100 Stéck

## Nummer

N° 23 erauskomm de
24. November 2012

## Wat as dran?


| | |
|---|---|
| 1 | Cover |
| 2 | Impressum & Inhalt |
| 3 | Virwuert vum Gruppechef |
| 4-6 | Wichteg Adressen & SHOP |
| 7-9 | Wëllefcher |
| 10-12 | AvEx |
| 13 | Wat war lass am Scoutsjoer? |
| 14-17 | CaraPio |
| 18-20 | RaRo |
| 21 | Camionnette - Verleih |
| 22 | Beschass |


Haut ze Dags huet eis Jugend eng “cool” Schreifweis ... mir hoffen, dir kritt alles gelies ;-)

Ween Fehler fënnt, dierf se haalen oder beim Recycling-Center oofgin.

# Aktivitéitskalenner

| | |
|---|---|
| **16. Dezember 2012** | **Chrëschtmaart** Centre Culturel |
| **17. Februar 2013** | **Buergbrennen** op der Schanz |
| **30. März 2013** | **Ouschteréeraktioun** Luerenzweiler Gare |
| **1. Mee 2013** | **Meekranz** |

# E puert Wuert vun eisem Gruppechef



Oh mei! Schon erem Elterenowend? Schon erem eng nei Ausgab vun der Gamelle? A schon erem dierf, nee, muss ech e Virwuert schreiwen. A schon erem sin ech ze spéit un. Tjo, Traditioun ass Traditioun ... an Traductioun ass Iwersetzung. Vun hei aus dann mol en decke Merci dem Mireille fir seng Gedold an déi flott Zeitung!

Dat vergaangent Guiden- a Scoutsjoer hate mer erem vill flott Aktivitéiten, wéi eisen traditionellen Chrëschtmaart, eis Ouschtereeraktioun, de Meekranz um 1. Mee, e Quizowend deen e grousse Succès kannt huet, oder och d'Buergbrennen wou mer dest Joer e ganze Weekend an engem Film vun 4:26 Minutten ennerbruecht hun (http://youtu.be/OSRUscf2E1o).
Natirlech haten eis Branchen och erem eng ganz Partie Weekender an e Summercamp. Flott war och de gemeinsamen Gruppeweekend wou sämltech Branchen dobei waren.
All des Aktivitéiten mussen gudd virbereed a geplangt gin, an zwar vun forméierten Cheffen déi all des Arbecht 100% benevol an hierer Fräizäit maachen. Dofir och hinnen en **décke Merci fir den Asatz** deen si Woch fir Woch weisen!
A wa mer schon bei de Merci'en sin, dest Joer gett d'Chantal seng langjähreg Charge als Caissière un den Änder of. **Dem Chantal en décke Merci** fir seng emmer zouverléisseg Gestioun vun eise Konten! Merci och dem Änder deen des „flott" Charge „spontan" iwerholl huet ;)

Apropos Finanzen, wéi der secher wesst hu mir d'läscht Joer e groussen Invest gemaach an eng **nei Camionette** (eng jonk Occasioun) kaaf nodeems déi aal nemmen nach vum Rascht (deen mir mat vill Faarw verstopp hunn) zesummen gehaalen gouf. An och dëst Joer hu mir erem fir eis Branchen Suen investéiert an eis ennert aanerem zwee **grouss Tipi Zelter zougeluecht**. D'Suen fir des Investissementer kommen eis leider net einfach sou zougeflunn. De Gros vun eisen Einnahmen kréie mir iwert eisen jährlechen Chrëschtmaart, dofir ass et immens wichteg datt mir hei alleguer vollen Asatz brengen fir datt desen och 2012 erem e groussen Succès gett. Ech invitéieren dofir jidereen härzlech eng Hand mat unzepaken, a wann net „hannert dem Comptoir" dann gären och „virum Comptoir" fir d'Keess hëllefen ze fëllen ;)
Ech freen mech op alle Fall op e flott Guiden- a Scoutsjoer an hoffen dir hutt och des Joer erem vill Spass bei eisen Aktivitéiten!

# d'Chefekipp 2012/13

### GRUPPECHEF

LINCKELS Sven
GSM: 691 309 737



### GRUPPECHEF ADJOINT

KRECKE Elisabeth
GSM: 621 768 176



PRIM-NEY Carole
GSM: 621 499 115



BIDOLI Renée
GSM: 621 784 250






## BIBER

TOISUL Fanny (Responsabel)
GSM: 621 640 050

SCHMOL Carole
GSM: 621 681 681




## WELLEF

ROMMES Anne (Responsabel)
GSM: 621 630 041

MAY Claude
GSM: 691 660 430

SCHOSSELER Jil
GSM: 691 844 525

TOISUL Céline
BODE Tom
NESEN Anna




Avex@lgslorentzweiler.lu

# AVEX

BECK Julie (Responsabel)
GSM: 661 753 696

BORDEZ Carole
GSM: 661 325 373

MOLITOR Chris
GSM: 621 718 656

BISENIUS Lisa
GSM: 691 789 739

BIDOLI Charel
GSM: 621 526 217

MOLITOR Anne
GSM: 661 753 818




Carapio@lgslorentzweiler.lu

# CARAPIO

BIDOLI Renée (Responsabel)
GSM: 621 784 250

BACKENDORF Marc
GSM: 691 594 096

KRECKE Elisabeth
GSM: 621 768 176




Raro@lgslorentzweiler.lu

# RARO

FOURNELLE Germain (Responsabel)
GSM: 621 758 116

SCHREINER Ben
GSM: 691 671 658

## KEESSIER



SCHROEDER Änder
GSM: 661 730 814



**Mir soen dem Chantal M-E-R-C-I fir seng joerlaang Charge als Keesière!**

## FOYER



23, rue St. Laurent
L-7370 Luerenzweiler

TEL: 33 07 08

***Bleiw emmer aktuell mat eis!***

**Du fënns eis och op Facebook: "Luerenzweiler Guiden a Scouten"**

**www.lgslorentzweiler.lu**

## AUMONIER



Et ass lo schonns e Joer hir, datt ech mäin Déngscht hei am Parverband Miersch ugefaang hunn. Et war e Joer, wou ech vill geplënnert sinn, wou ech vill Läit kenne geléiert hunn a wou ech versicht hunn mech anzeliewen. Dat vill Geplënners (ugefaang am Altersheem zu Miersch, dunn op Schous an lo zu Lëntgen) huet mer d'Méigelgkeet ginn, vill léif Läit kennen ze léieren. Awer well ech an deem 1. Joer eng Rei Déngschter iwwerdroe krut, wor et net einfach, mech iwwerall an ëmmer ze weisen! An dofir e grousse Sorry! datt ech nach net sou oft bei iech wor. Ech wëll mech awer an der Zukunft méi bei iech engagéieren a fir iech do sinn. Ech hoffen dir hëlleft mer, fir dat och ech e richtege Scout ka ginn, wëll, dat muss ech iech gestoen, a menger Kandheet wor ech net an de Scouten a muss dofir nach vill léieren! Wann ech mer esou ukucken, wéi vill dat dir ënnerhuelt a wou der iech engagéiert, da kënn ech nëmme soen: **Respekt!** Mir liewen an enger Zäit, wou ëmmer méi Mënschen sech eleng fillen, wou den Engagement fir eng Organisatioun a fir aner Mënschen net ëmmer esou selbstverständlech ass. Awer bei iech steet **Gemeinschaft, Nächsteléift a Solidaritéit** ob 1. Plaz, an dat ass gutt esou. Ech kann just widderhuelen, datt ech mech wëll bei iech engagéieren, datt der op meng Hëllef kënnt zielen an datt ech versichen, déi Wäerter an déi Aktiounen ze ënnerstëtzen, déi iech um Häerz leien. **Ech wënschen äis all e schéine gemeinsame Wee!**

*Kpl. Romain Richer*

## Den LGS SHOP …

**… as ze fannen:**
5, rue Munchen-Tesch
Lëtzebuerg

**… huet op:**

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| Dënschdes: | 15.00 | bis | 18.00 | Auer |
| Donneschdes: | 15.00 | bis | 19.00 | Auer |
| Samschdes: | 09.00 | bis | 12.00 | Auer |

Während de Schoulvakanzen as de Shop zou!

**as ze ereechen:**
ënner dem TEL: 26 94 84-31
oder per E-mail: shop@lgs.lu

**www.lgs.lu**

## SHOP LGSLUERENZWEILER

T-shirt Luerenzweiler Guiden a Scouten
(Erwuessen- a Kannergréissten)
**Präis: 15 euro**
*Beim Carole mellen!*

D'Jacket kritt een just op Bestellung!

**NEW * NEW * NEW * NEW * NEW * NEW**



SPORK
**Präis: 3 euro**
*Kritt een beim Sven.*

**SHOPPING**

# Dschungelbuch




**Freides, 31.08. 2012**

Freides Moies sinn mir op d'Gare zu Luerentzweiler gaang an do hun mir den Zuch geholl an sin an d'Staat gefuer an do hun mir den Zuch vun der DB geholl fir op Treier an wollten den Bus huelen ,mee äntweeder hun mir de Bus verpasst oder hien as net komm. Dun sin mir zu Fouss bei een Touristinfo gang an hunn eng Kaart geholl mee dei huet net vill genotzt. Mat Handy an Kaart sinn mir wéinstens bei d'Piscine komm. An wéi mer et op gin hunn , hunn mir engem Chef deen schon am Chalet war ugeruf dat hien eis sichen kommen soll. Wéi mir am Chalet waren hun mir ausgepaakt an dun konnten mir spillen. Owes haaten mir dun nach eng cool Veillée iwert 'Das Djungelbuch'.

**Samstes, den 1 September 2012:** Samstag sind wir ins Schwimmbad gegangen und hatten viel Spass. Wir waren auch nach draussen ins offene Schwimmbad gegangen. Es war kalt. Danach sind wir mit dem Wagen nach Hause gefahren. Wir haben zu Abend gegessen und noch ein Quiz über den Dschungel gemacht. Abends haben wir noch im Bett geredet. Abends haben wir einen Quiz über den Dschungel gemacht.

**Sonndes, den 2 September 2012** Sonndes do sinn mir 23 km treppele gangen, mir hunn mol en K-way agepackt fir wann et géiff reenen, mee et huet net gereent. Mir hun en Bidon Waasser gefellt an dun ass et lass gangen. Mir sin hannert dem Chalet den Wee erop gangen no 15 Kilometer waren mir schon futti. No 20 km waren mir erliichtert dass mir nemen nach 3 km hunn missten goen. Mir hunn ganz vill Pausen gemaach. Mir sinn lanscht Maisfelder gangen an mir sinn lanscht en Flugplatz gangen wou mir den Fliggeren nogekukt hun. Mir hunn owes Pizza giess. Owes hun mir den Film Dschungelbuch gekuckt matt Popkorn.

**Méindes, den 3 September 2012** Méindes sinn mir mam Velo op Mettenduerf gefuer. Mir hunn do en Tauschspill gespillt, an fir unzefänken haaten mir en Pefferdepschen kritt. Zum Schluss haaten mir nemen Luuchten an Vasen an eng Lava-Luucht. Et gouf gudd ziessen, mir hunn Zopp matt Pannescher giess. Méindes Owes hunn mir en Nuetsspill gemaach matt den Bananen déi den Germain virbereed hat. 1 Equipe war den Gangster an déi aner équipe war Police. Nom Spill sinn mir an Bett gangen.





**Denstes, den 4 September 2012**
Denstes Moies hunn mir gebastelt an Mettes sinn mir an den **Klooter-park Irsental** gefuer. Am Klooter-park ukomm, hunn die meescht missten op Toilette. Am Klooterpark goufen et vill verschiedden Parkuren. Mir hunn missten Klootersecherung undoen an den Secherheetshelm. Mir sinn 3 Stonnen geklootert dono sinn mir rem zreck an den Chalet gefuer.




Dono hunn mir Feier ugefangen fir den Pakalu. En war mega Lecker, dono hunn mir nach Banane am Schokola giess. Owes hunn mir Nuetsspill widderholl an dono sinn mir schlofen gangen.

**Mettwoch, den 5 September 2012**
Mettwochs Moies hunn mir nom Kaffi gebastelt an nom Mettesiessen kruten mir gesot dass mir eng Fotostory maachen. Mir missten eis an 2 Gruppen andeelan an zum Thema Krimi eng Fotostory maachen. Mir haten 1 Stonn an 30 Minuten Zait fir eis eppes auszedenken, Fotoen ze maachen an den Text ze schreiwen. Wann mir Requisiten gebraucht hunn, hunn mir missten d'Cheffen dofir froen. Owes ass et Geschnetzeltes ziessen ginn matt Rais an Muerten an Ierbsen. Owes sollten mir Gesellschaftsspiller spillen, mee déi waren leider ausgefall well een geklaut hat an dat net wollt zougin, dun hunn d'Cheffen gesot mir missten alleguer schlofen goen.

**Donneschtes, den 6 September 2012**
Moies sinn mir opgestanen an dun sinn d'Cheffen erankomm, dun hunn mir eis ungedoen. Duerno hunn mir giess an nom Iessensinn mir erausgang an mir hun Kicker gespillt. Dun hun mir den Bidon matt Waaser gefellt an den Rucksack gepaack an mir kruten en Bréidschen. Dono hunn mir eis op den Velo gesat an sinn lass gefuer. No enger Stonn waren mir schon midd an mir hunn vill Pausen gemaach an vill Wasser gedronk. An op eemol ass deen eischten komm: **"Ech hun Honger!"** Also hunn mir Mettegpaus gemaach an sinn dono weider gefuer an mir sinn souguer op en groussen Bierg gefuer, wou mir eng länger Paus ge-







maach hun. Wéi mir zreck am Chalet waren sinn mir duschen gangen, an owes hun mir Nudelgratin giess an dun ass den Herr Paschtouer eis besichen komm. Mir hun zesummen beim Feier gesongen an dun sinn mir schlofen gangen.

**Freides, den 7 September 2012**
Moies sinn mir opgestanen an kruten Reschter Kellogs, Brout, a Yogurt ziessen. Nom Iessen hun mir besen Kicker gespillt, bis et geheescht huet, dir musst raumen a botzen. Als éischt hunn mir eisen Rucksack missen paacken, dat huet ganz lang gedauert, well mir haaten sou en Chaos dass mir eis Saachen net méi rem fonnt hunn. Dono kruten mir eng Bischt an den Grapp an mir hunn missten eisen Dortoir botzen an dono och nach Toiletten an den groussen Sall. Dun hun mir eis Rucksäck missten alleguer beim Anne sain Auto droen. Den Rescht Material hun mir an Camionette geluescht. Et war Duo de pâtes ziessen gin, dono hun mir alles gespullt an geraumt. An um halwer 4 sinn mir dun fortgefuer matt den Autoen fir op Letzebuerg. Mir sinn gudd ukomm.










# Varmt välkommen SCHWEDEN!












**D'Viirgeschicht vum Elch**

Op engem wonnerscheinen Daag a Schweden, koum e klengen Elch op d'Welt, an zwar an der Regioun Smalland. Den 5. August 2000 huet hien d'Liicht erbléckt. Well seng Elteren keen Numm fier hien fonnt hun, ass en einfach ELCH genannt gin. Mat 3 Joer ass den Elch an d'Renndeierschoul gaangen an huet seng Schoul mat Bravour bestaanen. Seng Lieblingsfächer waren Geographie an Geschicht. No der Schoul, mat 12 Joer, ass him an de Kapp komm eng Weltrees ze maachen, an am leiwsten an e waarmt Land. Seng Elteren woren net ganz begeschtert, hun den Elch awer goen geloos. Den Elch huet sech op de Wee gemaach an ass op die eischt bäscht Fähr geklommen. Elo woust hien dat d'Abenteuer lassgeet. Op der Fähr stoungen vill Autoen an Camionen an den Elch huet sech fir e Camion entscheed mat der Plakkennummer B, wei Brasilien. „Brasilien, do ass et jo gudd waarm, do well ech hin!", soot den Elch an huet sech














hannen an den eidelen Camion geluecht. No deenen Strapazen huet den Elch sech op Haaren geluecht an fest geschloof. Stonne vergin, an den Elch as lues a gudd ausgerout erwescht. Wei hien aus dem Camion klemmt, traut hien sengen Aan net. „Wou sinn ech dann hei gerooden?“,denkt den Elch sech. Biirger vun Gromperen. Den Elch ass ganz verwonnert bei en Mann getreppelt deen amgaangen war Gromperen ze schielen. „Moien!“, soot den Elch. „Bonjour!“, soot de Mann. „Wou sinn ech dann hei?“ soot den Elch. „Ma an enger Frittefabrik.“ äntwert de Mann deen nach wieder Gromperen schielt. „Ech heeschen Elch a kommen aus Schweden, a well no Brasilien.“ „Ah bon,“, soot de Mann, „ech heeschen Belsch an wunnen hei an der Belsch an zwuar an der Geigend vu Breissel. Elo geet dem Elch eng Speicherluucht op! B ass net Brasilien mee Belgique! „Daat hät ech awer misse wessen..“, soot den Elch dem Belsch. Nom schaffen, huet de Belsch den Elch mat heem geholl an si hun die nächst Wochen a Meint esou vill zesummen enneholl dass si die beschten Frenn gi sinn. De Belsch huet dem Elch sei ganzt Land gewisen, den Elch wor begeeschtert. „Kenns du och eng Keier mat a Schweden“, soot den Elch dem Belsch, well ech hu geschwenn Gebuertsdaag a well meng Famill a Frenn eremgesinn!“ „Natierlech!“,soot de Belsch, „An dann weist du mir och dein Land.“ An dei 2 hun sech op de Wee gemaach fir a Schweden….

Dommheeten....











déi aal senil Säck!

NILSHOLGER-SOOOOON



Lecker Schleeeck!



Atelier

1. August 2012



# *Wat war lass am Scoutsjoer 2011/2012?*



Buergbrennen







Kleedersammlung

Gruppe-Weekend



Ouschtereeraktioun





1. Mee



# ... an der NORMANDIE 26.05- 02.06.2012





**Samschdeg, den 26.05.2012**
Mir hunn ons alleguerten zu Lorentzweiler beim Foyer um 9.00 Auer zesummefonnt fir fortzefueren. Et war wonnerschéint Wieder an d'Sonn huet geschéngt. Wat e besse blöd war, well mir de ganzen Moien am Auto souzen an mer all wéi e Pärd geschweesst hun. Nodeems mer ons vun onseren Elteren getrennt hunn, ass d'Rees du lass gaangen. No zwou Stonnen (oder esou) si mer op enger Raschtplaz stoe bliwwen fir ze pikniken. Nom Iessen hu mer d'Leit nach e besse nervös gemaach an deem mer Fussball gespillt hun an du mer séier nach eng Kéier op di beschassen Autobunnstoilette gaang, well di nächst Statioun war Amiens. Zu Amiens si mer da mol e bessi duerch d'Stat gecruist, well de Navi ons de Wee net soe wollt. Wéi mer dunn endlech ukomm sinn (géint halwer 3) hu mer ons mol an der Herberg installéiert, kommescherweis hate mer risen Zëmmeren fir nëmmen aacht Leit. Dono si mer **d'Hortillonagen** kucke gaang mat engem witzegen Guide, dee schrecklech no Alkohol gestonk huet an un engem Stéck gefëmmt huet, schéngt jo eng flott Aarbecht ze sinn. Dono war et scho spéit a mir haten all décken Honger, also hu mer eis op d'Sich no engem gudde Restaurant gemaach. Nierwebäi hu mer ons och e bessi an der Staat emgekuckt. No deem gudden Iessen si mer dunn séier erem zréck gefuer. Vu que dass d'Sonn nach geschéngt huet, hu mer nach an enger vollbekacktener Wiss Fussball mat den Avex hirem Ball gespillt. Owes hu mer eis dunn an d'Herberg eragesat, do gouf et e Kicker an e Billard-Dësch, an virun allem gouf et do Internet Zougang, well mer jo sou gutt Scoute sinn, hu mir nach eng Kéier eise Facebook gecheckt an du si mer séier schlofe gaang.
Tom Bodé

**Sonndeg, den 27.05.2012**
Moie si mer vun de Cheffen erwächt gin, et war Zäit fir d'Moiesiessen. De Rick, den Tom Ba an ech, hunn eis mol ordentlech Zäit geloss, wëll sou gutt huet een an deene Better net grad geschlof. Wéi mer eis dun schlussendlech aus dem Bett gehuewe kruten, si mer bei d'Carapio gaang, wou ech emol e wonnerschéinen Happy Birthday gesonge krut, et war nämlech mäi Geburtsdag!!! Wéi mir do mol ordentlech giess hunn, si mer nach an de Match gaangen fir Poviant fir ënnerwee ze kafen. Nom Akafen ass et da lass gaangen.





**Mir waren ënnerwee fir an d'Normandie!** Mir sin awer net direkt dohinner gefuer, ënnerwee hu mir nach en Détour gemaach. Mëttes si mer op irgendenger Plaz (Kéng Ahnung wéis se geheescht huet) -> Etretat, mat mega schéinen Klippen gefuer. Mir hun eis do e bessi ugekuckt an natirlech do giess. No dem kléngen schéinen Emwee, si mer dann op d'Campplaz gefuer. Also net direkt, mir hunn eis **nach e puer Mol vir dru verfuer**, wéinst dem dommen Navi. Mais Bon! Wéi mer dunn ukomm sin, ware mer mol frou a mir hun eis Zelter opgeriicht. Mir waren all beandrockt vun der wonnerschéiner Plaz, vun dem wonnerschéinen Bauerenhaff an deenen léiwen Déieren (virun allem d'Lamaen). Als Owesiessen hu mer Nudelen mat Kéis giess an nom Iessen nach e kléngen Schokelaskuch. Wéi d'Sonn ënnergaangen ass, si mer op d'Plage gaangen (respektiv gejoggt;)) fir de Sonnerënnergang ze genéissen. Dono war et spéit a mir hun eis schéi brav an eis d'Zelter gekuschelt.



Tom Bodé

**Méindeg, den 28.05.2012**
Moies si mer nach zimlech relax opgestan, mir hun eis gutt Zäit gelos. Haut stoung eng Visit vun Sainte-Mère-Eglise um Programm. Fir déi, déi et net wëssen, **Sainte-Mère-Eglise** ass eng vun den éischten Stiet wou den D-Day ugefaangen huet, bekannt gouf se duerch den John Steele, dee mat sengem Fallschirm um Kierchtuerm hänke bliwwen ass, an sech misst doutstelle fir net erschoss ze gin. Mir hun eis do hannen gutt ameséiert a mir hun vill D-Day Buttiker besicht. Besse schued, dass ee muss 18 Joer sin fir Waffen ze kafen, well do hannen gouf et Messeren an Machetten sou vill ee wollt. Nodeems mer an engem gudden Restaurant iesse waren, hu mer den **Airborne Musée** besicht. Den Airborne Musée war zilech interessant a mir waren alleguerten begeeschtert vun de Fligeren an den Waffen, déi do ausgestallt waren, an dat allerbescht ass: d'Scoute kommen gratis an de Musée eran. Nom Musée hu mer eis dann op de Wee fir op d'Plage gemaach, do hu mer eis et dann bequem gemaach fir de Rescht vum Dag do ze verbrengen. Mir sin mat de Féiss an d'Waasser gaang an den Tom Ba an de Rick sin suguer ganz dra gaangen.



Owes gouf et vill ziessen an dono hun d'Chefen et witzeg fonnt eis sportlech Aktivitéiten maachen ze loosen an dem Rick ass et zimlech schlecht ginn, well hien relativ gutt beim Iessen zougegraff hat. Mee mir hun et all iwwerlieft an hun owes gutt geschlof.
Tom Bodé

**Dënschdes, den 29.05.2012**
Moies hu mer gebruncht, dat läit zum Deel drun, dass ech bis halwer 11 geschlof hun an zum Deel ass dass d'Renée an d'Lisbet net virdrun vum Akafen zréck komm sin. Nom Iessen si mir op d'Plage gefuer an hun eis e relaxen Mëtten gemaach. Mir ware schwammen oder hun um **Sand gespillt**. Am spéiden Nomëtten, war dann de Skandal! Den Eric, den Tom Ba an den Mich waren Kamellen an d'Camionette sichen an ee Mann, dee mat enger Schoulklass do war, huet hinnen virgeworf, dass se d'Kamellen aus dem Rucksak vun de Kanner geklaut hätten. Wéi si da bei ons zréck komm sinn, ass de Mann mat engem Kand, dat säi Kamellenpak net méi fonnt huet bei eis komm an huet gemeckert, wéi wa mir de Weltënnergang ze verscholden hätten. Wéi den Tom Ba (verständlecherweis) zréckgemault huet, léisst de Mann d'Argument vum Jorhonnert falen: **"Je suis Directeur d'un établissement scolaire** et j'ai des élèves beaucoup plus agés que toi!" Wéi hien dann endlech gaang ass, hu mer nach e bessen de Géck iwert hien gemaach an weider gespillt. Owes hu mer dann gegrillt a gutt giess.
Olivier Kieffer



**Mëttwoch, den 30.05.2012**
Mir hu moies rem normal giess an eis prett gemaach fir Char à voile ze maachen. Sou géint 11.30 Auer si mer ukomm. D'Wieder war net esou genial. Et war bedeckt an et huet gefisemt. De Mann, dee fir den Char à voile zoustännegt war, huet gesot, dass et net genuch Wand géif gin. Déi aner Deeg waren verbucht an hie sot, dass et kéng Alternative gëtt. Dowéinst si mer bei den Amerikansechen Kirfecht gaang, dee um Omaha Beach läit. Trotz Wieder haten di meescht vun eis eng kuerz Box un. Ennerwee hu mer vill Zaldote gesin. Ee Moment laang, hu mer d**en Olivier an de Mich verluer**, mee si sin eremkomm. De Kirfecht war wonnerschéin, et war awer trotzdem en trauregen Uert. Ech si mam Bodé e bessen d'Nimm vun de verstuerwenen Zaldote kucke gaang. De Kierfecht ass riseg an do sinn iwer 9000 Griewer. Mir sin dono an esou en Haus gaang an hunn do mol alles g elies an weider Informatiounen iwert de Krich krut. Sou géint 16.00 Auer si mer gaang. Dono si mer heem gaang. Nom Iesse si mer e bëssen rondrem d'Duerf getrëppelt, mir hunn d'Landschaft an e schéint Haus bewonnert. Den Trëppeltour war net laang. Nom trëppelen si mer zréck op d'Campplaz gaang, wou mer nach Peetang gespillt hun. Natiirlech ouni di richteg Reegelen. Wéi di aner Deeg och, hu mer nach d'Lamaen geheemelt a sin du schlofe gaang.

**Donneschdeg, den 31.05.2012**
Haut stoung d'Visit vum Mont-Saint-Michel um Programm. Mir si sou géint



11.00 Auer do ukomm, dat heescht: mir sin géint 8.00 Auer opgestan, Kaffi gedronk, gespullt an an den Auto geklomm um ronn 9.00 Auer si mir da fortgefuer. Suguer schon 15 km virum Mont Saint Michel konnt een d'Spëtzt erkennen. Du si mer op de Parking gefuer, rausgeklomm an a Richtung Navette gaangen, déi eis bis virun de Mont-Saint-Michel gefouert huet. Et war schéi Wieder an et konnt ee ganz wäit gesin. Mir hu bessi den **Touriprogramm** gemaach a wéi mer alles gesin haten, si mer zréckgaangen. An net ze vergiessen! **Mëttes hu mer lecker Mullen gies, mmmhhh!!**
Rick Roderes

**Freideg, den 01.06.2012**
Mir si moies fréi opgestanen, hun alles agepak, d'Zelter proper gemaach, bezuelt an dun as et Richtung Amiens gaangen. Mir haten et alleguer schwéier, well mir hu jo missten eisen Déieren vum Bauerenhaff: den Lamaen, de Schof, der Gees an eisem **Lieblings-Mupp dem "Luss"** Äddi soen. Dat war traureg.

**Samschdes, den 02.06.2012**
Mir hun erem gutt Kaffi gedronk a sinn dunn gläich drop rem zréck op Lëtzebuerg gefuer.



27.05 - 01 06.2012

Merci pour cette fabuleuse semaine entouré d'animaux adorables (surtout Laurie)!
C'est un super site! Il nous sera difficile de laisser cet endroit merveilleux! Un grand Merci pour votre chaleureux accueil (et l'aide avec les matelas :-) ) et merci à Mike (du Luxembourg) de nous avoir proposé ce camping!
On fera pareil!

Les scouts du Luxembourg

Eric
Tom B.
Libet

P.S. Merci pour la farine !!



# ... um Roverway a Finnland!



## de bessi aneren Bericht.Stop.



Haaptsaach: Carole Schmol mengt et hät 15-16 kg an sengem groussen Rucksaak ...

1. Lisa : 12,5Kg
2. Carole B.: 16,8Kg
3. Julie :18,3Kg
4. Fanny 19,3Kg
5. Carole S.:20,1Kg
6. Flusi: 21,3Kg

Mir waren mat den Franzousen ennerwee vun Amsterdam op Helsinki. Mir sin hongreg, midd! An natierlech am wichtegsten: **Eeeh,il est ou mon sac là?** Haaptsaach den deischen Fändel um Foulard vun den Franzousen. Sie hun gepupst! De Germain mecht Sudoku, en ass konzentreiert, en huet Angscht dass eppes net klappt an en ass begeeschtert vun sengem **Old-School-Weg-werf-Fotoapparat.** D´Franzoussen missten de Badge selwer un hiere Foulard bitzen,hällt vleit 3 Deeg . Deitsche Foulard. Franzousse Badge. Ah oui. De Germain setzt prett mam Dësch op fir ziessen. D´Franzousen hun roud Uniformen. Schick. De Stuardess ass bessi schwul. D´Franzousen léieren Schwedesch oder eischter Finnesch,dat kann mer jo eppes gin. Ouuu, le manger la! Erkenntnis nom lessen: et sin Belges,keng Franzoussen,haha.



Dei Saach mam Fändel erklärt sech dann wuel vum selwen :) Mir sin grad iwwer denn Woleken! Sonn schengt. Zu Owieslung liest Carole mol nees en Buch an **de Ben grouwt** (fillt den beat) vun senger Musik. Carole laacht, lo net mei, hat liest nees. Julie spillt an sengen Hoer, well den Belge beandroken. Sonn schengt nach emmer an Lisa molt een Fändel an een Buch. Halwen Flieger voll Scout-en dei anner Halschent Re-isknätscherten.Carole S hoet nees alles verstaan. **Coffe or Tea? Oh Téi!**

<u>Freides den 20ten Juli</u>

De Ben well keng Hormoner. Um 4 Auer Moies fluppt a Finnland de Guck-uck. **Typen strippen am McDonalds** an laafen dono 3 Stonnen nackisch rondrem. An Fraen ennerhaaalen sech mat den Dauwen. D´Tanti vun der Eröffnungsfeier ass hyper. Eröffnungsfeier war entäuschend. Waarm. Gudd Wierder. Onge-feier 1-2 Stonnen virum Stadium geschloof, cést tout.An Finnlänner hun gemengt de roude Léiw wär franzéisch. Oh Hëllef. Julie

Um halfer 4 moies laafen definitiv komesch Gestalten duerch Tampere. Dei eng mengen mir geingen um Busarret campen, obwuel ma just do gegammelt hunn well mer den Bus verpasst haaten. Aannerer wollten sech een Zelt von uns leihnen fir schlofen ze goen. De Ben huet direkt nei Kollegen fonnt. **D´Hollänner haaten gemengt mir hätten hiere Fändel matbruecht.** Lo warden ma ob dei kack Busser dei eis op den Path feiren sollen. Flo

<u>Samsden den 21 Juli</u>

Big Mama dei eis de Bus klaue wollt ass net bei eis um Path. Soss wär ech och lo schon dout. Ukrainer

## Fanny's Sportstunde














hun de Kessen um Aarsch päischen. De Moien um 10 Kaffi drenken. Chillouse. Dann bessi Ki-Ka-Kajak hin an hier an mer sin an Gestripp gefuer. Dem Flo seng Titten henken aus dem grengen Top. Weisse Rüschen BH, ultra sexy.

Lisa huet eng fett Lepps, et ass gepickt ginn. Ech kreien emmer eng extra Wurscht beim Iessen, alles Glutenfrei. Toilet geseit aus wei een elektresche Stuhl an Sauna owes huet mindestens 300°. Giess get 10 mol am Dach a geschloof och! An um 12 an der Nuercht ass et nach hell wei um 3 Mettes. Richteg deichter gett et hei



eigentlech nie. Carole S. huet och en Dékolté bis op de Buedem. **Se wellen sech hei all präsenteieren.** Luftikus. Dem Fanny sein Ouer gett em mer mega dreschen an dann ass et voller Haut. Mir waren geschter owend an de Séi schwammen. **Fanny an ech waren hart.** Megaa schein Vue. Julie



<u>Sonndes, den 22. Juli</u>

**Internationalen Owend: mmmhhh**

Kniddlen (3 Stonnen kachen)
Apple Pie (Amerika)
Ukraineg Zopp Ham, Zosiss, Kéiss an Brout (Spuenien)
Pain Perdu oder sou (Holland)
Äppelpangescher (Deitschland)
Flan (Portugal)
Schokolabananen (Finnland)



# Mir verlounen eis Camionnette

## un eis Memberen an Ex-Memberen

**Mir präsentéieren Iech hei eis Tarifer fir d'Camionette wann der se privat (nemmen Memberen resp. Ex-Memberen vun eisem Grupp) wellt léinen:**

**2 STONNEN:**
**GRATIS**

Wann een z.B. an den Ikea eng Fotelle siche fiert.
Hei geet et elo
net sou genau op d'Minutt un ;)

**1/2 DAG:**
**25 EURO**

Wann een just Moies oder Mettes d'Camionette brauch.

**E GANZEN DAG:**
**50 EURO**

Ausserdem soll den Tank vun der Camionette no Gebrauch emmer mindestens sou voll sin wéi dee Moment wou een se kritt huet!

Mir wären och frou, wann net dran gefëmmt gett, an d'ass een Camionnette nees sou (oder besser) verleist, ween een se firfonnd huet!

Wien d'Camionette léinen well, mellt sech beim Sven. D'Branchen hun natirlech emmer Virrecht wann si d'Camionette fir hier Aktivitéieren brauchen.

Hei ass de Kalenner wou een gesäit wéini d'Camionette gebucht ass:
**http://www.lgslorentzweiler.lu/eis-camionette**







**Wou sinn déi Säck??**

Jo mee Dir vun den Toiletten ass zou.

Um CarapPio Camp a Frankräich:
Eric: – Jidereen mengt ëmmer an Amerika wären d'Leit all fett.
Ko(mich): – Da wars du nach ni a Frankréich!

**Dir ass op et get kaal eran.**

Germain:
"Hey Sven! Bass du gutt am lecken?"

DEM LISBET SEIN NIPPEL 9.5 MM








<u>Um Carapio Camp:</u>
D'Lisbet "repst". All Mënsch ass iwwerrascht.
Lisbet: - Ech hun net gerepst!
Eric: - Vläicht hues de jo gerepst a glaïchzäiteg och net gerepst!

**HOKÜS BEAUKÜS SAINT SA LA BAIN!**

**Jemp: " Hol den Sack runter!"**

UM CARAPIO-CAMP...



**DE GERMAIN STELLT FEST: SENG SÄCK SINN BESSER BESPRËTZT!**

(D'Redaktioun seet Merci fir déi nëtzleg Info!)

# 2011/12

## Mir waren mat dobei!

Hei sin just déi Leit opgeléscht, déi hir Cotisatioun bezuelt hun an dofir och op där offizieller Memberléscht vun 2010/2011 vum Verband stoungen.

### BIBER

| | |
|---|---|
| Huijen | Ricky |
| Jemming | Philippe |
| Kieffer | Laura |
| Loser | Michèle |
| Rasquin | Daik |
| Schmalen | Noah |
| Stenssen | Ryan |
| Swaving | Dave |
| Thimmesch | Nicolas |
| Zepp | Ella |

### WELLEFCHER

| | |
|---|---|
| Batista | Margarida |
| Bernard | Pit |
| Boslé | Laura |
| Bruni | Elena |
| Clement | Tom |
| Decker | Ben |
| Delgado Lima | Jason |
| De Waha | Elena |
| Goudenbour | Ben |
| Hornung | Sarah |
| Hornung | Nora |
| Hubert | Fiona |
| Jemming | Sebastien |
| Kalmes | Lex |
| Kieffer | Alex |
| Minette | Félix |
| Pletschette | Olivier |
| Rasquin | Anil |
| Rieffer | Laurent |
| Schmalen | Gil |
| Stenssen | Marc |
| Theisen | Lynn |
| Theisen | Seja |
| Warken | Jelena |
| Weber | Lena |
| Zepp | Lilly |

### AVEX

| | |
|---|---|
| Bodé | Lisa |
| Bruni | Andrea |
| Heisten | Gilles |
| Mathias | Lynn |
| Simon | Vivian |
| De Waha | Jérôme |

### CARAPIO

| | |
|---|---|
| Bodé | Tom |
| Barthel | Tom |
| Heisten | Mich |
| Kieffer | Olivier |
| Koch | Vanessa |
| Roderes | Rick |
| Toisul | Céline |
| Wiggins | Eric |

### RARO

| | |
|---|---|
| Beck | Julie |
| Bordez | Carole |
| De Dood | Florence |
| Nesen | Anna |
| Schmol | Carole |
| Toisul | Fanny |
| Urbé | Lisa |

### CHEF / TAINE

| | |
|---|---|
| Beck | Jemp |
| Bidoli | Charel |
| Bidoli | Renée |
| Bisenius | Lisa |
| Bourmer | Fränk |
| Fournelle | Germain |
| Gallelli | Jill |
| Hanck | Catherine |
| Krecké | Elisabeth |
| Linckels | Sven |
| Molitor | Anne |
| Müller | Ernestine |
| Prim | Carole |
| Rommes | Anne |
| Schosseler | Jil |
| Schmol | Carole |
| Schreiner | Ben |
| Schroeder | Änder |
| Toisul | Fanny |
| Urbé | Lisa |

### MATAARBECHTER

| | |
|---|---|
| Bodé | Camille |
| Bodé | Charel |
| Bohler | Alex |
| Brück | Pol |
| Brück | Misch |
| Dostert | Misch |
| Ferres | Dany |
| Höfliger | Tessy |
| Jegen | Petz |
| Kieffer | Chantal |
| Leclerc | Nicole & Patrick |
| Maes | Myriam |
| Menster | Annick |
| Panetta | Nico |
| Peusch | Mireille |
| Prim | Patrick |
| Schintgen | Pol |
| Schmit | Léa |
| Schosseler | Sven |
| Theisen | Roby |
| Theisen | Mike |
| Toisul | Joëlle & Patrick |
| Weber | Men |
| Weiss | Annick |
| Weis | Manon |
| Weis | Tania |
| Weyrich | Luss |

Wann mir een vergiess hunn, ass dat nët gär geschitt. Soot eis bescheed, an d'nächst Joer bass du dran :-)